

## Theorie a Praxis

Wat ass dat eent a wat dat anert? Theorie ass, wann een iwwer eppes bruckt, schwätzt, schreift. Praxis ass, wann een eppes mécht, aplaz nëmmen doriwwer ze tiermen, ze schwätzen, ze schreiwen.

Dat wëllt beileiwen net heeschen, datt d'Theorie kee Sënn hätt, mä **ouni an dat Praktescht ëmgesat ze ginn, leeft si d'meescht an d'Eidelt**, vrun allem an de sougenannte 'Kapp-Fächer'. An engem e bësse verbruete Witz huet emol ee behaupt, 'Theorie', dat wier wann ee geng wësse wéi eppes fonctionnéiert... mä 't giff net goen; 'Praxis' dat wier, wann een eppes un d'Fonctionnéiere krit, an et wissst kee firwat. Natierlech ass dat iwwerdrifwen... ower net ëmmer falsch!

Wéi ass et dann an deem Sënn mat eiser Sprooch? Do huet emol ee gudden Theoretiker zu mir gesot, et giff hie guer net intresséieren, **ob** d'Lëtzebuergesch an de Ginz geng goen; hie wier nëmmen drop aus, ze kucken an ze stodéieren, **wéi** d'Sprooch an d'Lëttsche geng. Anerer behaupten, si giffen nëmmen nom 'Ist-Zoustand' kucken an drun analyséieren. Gewéinlech dixen déi brav Leit («Linguisten») dann och nach mat engem **Fachjargon** dorëmmer, datt de Laie mengt, hien hätt sech an engem däischteren Zoo verlaf: *Phem, Phonem, Lexem, Onomasiologie, Onomastik* asw. asw. Ganz dacks ass vun dese Spezialisten dann nach een deem aneren säin Däiwel a behaupt, de Fachkolleg wissst a kënnst dach näischt, maja. Dat Ganzt schéngt engem, wéi wann ee misst wëssen, dat eng 'Aspro/Aspegic' als Basis a Wierkungselement *Acetilsalizilsaier* hätt, fir eng daerfen ze huelen, wann een eng 'Bëls' huet. Dat iwwerloosse mir gär, a mat dem néidege Respekt, de Labosleit... besonnesch an der Sprooch!

Mir maachen zënter ronn 40 Joer eppes fir d'Lëtzebuergesch 'bei de Leit', do wou et leeft, do wou et wissst oder (vill ze dacks muttwëlles) vergeet. Wien emol éierlech iwwer déi Aarbecht wëllt nodenken, dee fënnt eraus, wat a wéivill an deene Joere fir eis Sprooch geschafft ginn ass, wou eppes sech geännert huet, wou si eng Plaz krut... déi si ni hat! Dat ass gaang, an et geet och weider! D'Resultater sinn enorm. Dat ass nun emol Praxis... ower an engems de 'Geschäftsfong' fir d'Stodéiere vun eisen Theoretiker... deenen dat «Sozio-Didaktescht/-pedagogesch» ower häerzlech egal schéngt. Och op eiser UNI gëtt dee 'Volet' leider einfach iwwergaang. D'Haaptsaach: et stinn herno déck Drullesse vu Sproochtheorie an de Stellagen... aus deenen anerer erëm neier (?) dobäi maachen. Dat nennt sech 'Knäipereien', oder méi elegant ausgedréckt: 'epigonal Elukubraten'. Mir loosse jidderee liewen...

vum Lex Roth



(PHOTO: TEDDY JAANS)

## Positioun vun der ACTIOUN-LËTZEBUGESCH iwwer d'Initiativ „FIR EIS SPROOCH“

Mir wëllen hei fir jidderee absolutt klor stellen, datt eis Associatioun guer a glat näischt mat deer Initiativ ze dinn huet, fir déi den Ament Petitiounsleschten uechter d'Land geschéckt ginn. Mir hänken äis net hannert en eenzelen Deputéierten, och wann säi Slogan „fir eis Sprooch“ heescht... eis Actioun „fir eis Sprooch“ dauert ewell zënter 1971! Eng KLACK „fir eis SPROOCH“ publizéiere mir ewell zënter 1993. D'Sproochgesetz vun 1984 a maandelweis „Initiativ fir eis Sprooch“ kënnen mir äis op d'Lee schreiwen.

Mir si bis elo vun all Regierung unerkannt ginn an och an der Chamber respektéiert. Mir halen äis un en ziviliséierte Wee fir eist grousst Uleiës, och wa mir heiansdo driwwer knadderen, datt eppes ze lues geet. Eis AL ass nom Gesetz am „Conseil de la langue luxembourgeoise“, grad ewéi och am „Conseil national des programmes“ vertruuden, also voll unerkannt! Mir hate vru 4 Joer iwwert eis Sprooch an der Constitutioun mat den eenzele Fraktiounen ganz positiv Gespräicher. D'Saach vun eiser Sprooch an der Verfassung ass bei der Constitutiouns-Commissioun vun der Chamber „an der Maach“, an eng ‚Motioun‘ ass dofir komplett iwwerflësseg.

De Comité vun der Actioun-Lëtzebuergesch / Eis Sprooch

## Jaddermunnesse-Lëtzebuergesch

Dir kennt alleguer déi komesch Fliichteninsekten, déi heiansdo mat onsécheren, onheemlech laange Been un enger Fënster wackelen. Et fäert keen se; si di kengem wéi; si picken net... si kommen een einfach nëmme lächerlech vir: d'Jaddermunnesen.

Genee un déi total onnëtz (?) Déiere muss een denken, wann een dat gespëtzent 'Bokemauls-Lëtzebuergesch' héiert oder liest, wa Leit sech vrun engem Mikro an d'Broscht geheien, oder de Bläistëft spëtze fir eppes «vun sech» ze ginn. Beispill: **Mat Bestierzung hu mir déi onfaasbar Noriicht vun eisem Komerod sengem Offliewen entgéintgeholl... no der Mass gëtt hie bäigesat...** Dir mengt, ech giff iwwerdreiwen? Hand op d'Häerz, dat stong genee esou an enger Doudes-annonce! Datt d'Noriicht vun engem léiwe Mënsch sengem Doud ee kann 'ëmgeheien', dat seet sech grad esou éierlech an enger normaler Sprooch... a wann ee vun enger Noriicht schwätzt, brauch een se jo net 'entgéintzehuelen', déi kritt een einfach... dacks leider.

Just an eiser esou einfacher Sprooch ass et kannerlicht, eng onkomplizéiert Saach klor ze soen, ouni a stereotyp Schockelasknipperchers-sätz an -ausdréck ze rétschen, déi mir guer net néideg hunn. ■ P.W.

## Merci, Félix!

D'Noriicht huet am klengen Lëtzebuerg ageschloen ewéi eng Bomm: de Félix hält op! 1988 war seng sympathesch Stëmm eng éischte Kéier um Radio ze héieren, an déi lescht zéng Joer stoung hie virun der Kamera vun der Tëlevisioun. Datt de Félix Eischen „dobausse“ beléift ass, dat huet ee spëtstens an der „Mëttesstonn“ op RTL 92,5 de leschten 31. März héieren, wéi praktesch unisono bedauert ginn ass, datt deen äerdege Kielener „Bouf“ e Schlusstréch ënnert seng Zäit als Radios-an Tëlevisiounsanimateur zéie wëllt, fir eng aner berufflech Carrière anzuschloen. De Félix war beléift duerch säi jovialt Oprieden, seng schalléckseg Commentairen, säi sympathesch Wiesen an net fir d'lescht duerch säi grousst Häerz.

Wann hien hei op deser Plaz awer eise Merci verdéngt huet, dann ass et, well hien ëmmer drop gehal huet, e gutt a proppert Lëtzebuergesch ze schwätzen. Hien hat Freed drun, net méi sou geleefeg Wieder opzegräifen a se „riwwer“ ze bréngen. Hien huet och d'Méi net gescheit, aus enger däitscher Virlag en zerguttsterte Saz op Lëtzebuergesch ze maachen, och wann hien dofir net einfach Wuert fir Wuert konnt iwwersetzen, mä dacks huet missten ëmschreiwen an de Sazbau ëmstellen.

An deene bal 20 Joer hannert dem Mikro a virun der Kamera huet de Félix gewisen, datt et och op zerguttst Lëtzebuergesch geet – wann een nëmme wëllt. An dofir nach eng Kéier: Merci, Félix! Mir bedauern, datt eis Mediellandschaft mat Dir en dichtegen „Affekot fir eis Sprooch“ verléiert, mä mir respektéieren Deng Décisioun, déi esou éierlech ass, wéis Du selwer et ëmmer wars a sécher och an Zukunft bleifs. All Guts fir Däin neie Wee, deens Du elo goe wëlls! Wie weess, och bei de Versécherunge kanns Du vläicht e Pad fir d'Lëtzebuergesch trëppelen...?! ■ C.B.

## KAR-woch / OUSCHTER-woch...

„KAR“ = Trauer (op Mëtzelhoudäitsch), an ass deemno als KARwoch déi Woch virun Ouschterdag; dofir steet et och besonnesch am KARfreideg a KARSamschdeg.

Den OUSCHTERsonndeg gëtt deene 6 Deeg duerno de Baisaz OUSCHTERméindeg, OUSCHTER-dënschdeg asw. ■ C.B.

## Muss dat da sinn... Wësst dir et besser?

An deer leschter KLACK (128) hate mir proposéiert, déi meescht muttwëlles «Verbëtzlereien» an eiser Sprooch emol zesammenzerafen an eng kleng Lëscht dovun ze maachen. Hei dann eng Partie deer «Knätzelen», déi 3 Dammen äis geschéckt hunn (Mme Claude Keiser/Consdref; Mme Ginette Winandy/Schëffleng; Mme Annick Legille (gläich 100 Stéck!), ouni Artikel, wéinst der Alphabetisatioun:

Abschiedsfeier	Eidechs	Läichnahm	Schmetterling
absichtlich	erschrecken	lecker	Schmuck
alueden	Fernseh	Metzger	schnell
Aluedung	flüchten	Narb	Schnuller
Ameis	Gäizhals	nörgelen	selten
Amsel	Gediechtnes	Nuque	stattfannen
andauernd	gëlteg	oft	stolperen
Angebot	geschmeideg	Pickel	stotteren
angenehm	gläichzäiteg	pingeleg	Tankstell
auskennen (sech)	Gurt	pummeleg	Trockner
ausserhalb	Haushalt	Rassel	uschléissend
barsch	Hubschrauber	Regal	uschwätzen
Baustell	humpelen	Rouestand	zahlreich
bequem	Igel	Säit	Zahnstocher
besichtegen	innerhalb	Sarg	zögern
Besteck	insgesamt	Sauerkraut	zréck
Bettduch	Käfer	Scheif	zweifellos
Bock hunn	knuspereg	scheinbar	Ziwwelen
Eichhörnchen	Koffer	Schlamm	

## EIS GENERALVERSAMMLUNG

Mir invitéieren all eis Membren a Frënn op déi  
**36. GV vun der Actioun-Lëtzebuergesch**,  
samschdes, de 14. Abrëll 2007 – 15.00 Auer  
Brasserie «am Dierfgen» – 6, Casinosgaass (Côte d'Eich) – 'STAD'.

## Eng Klak?

Hei hu mir et mat engem Beispill vun deene sëlliche Wieder ze dinn, deene mir **aus enger anerer Sprooch eraus eng weider Bedeitung** ginn hunn. Dat giff eng schéi Lëscht vu Wieder, fir een, deen sech domat „ameséiere“ wëllt. An der Wëssenschaft giff elo vu „semantesche Paradigmewiessele“ geschwat; dat mécht besser (et ass Famill mat ‚Jaddermunnes‘ a Co.), et ass ower datselwecht.

Am Franséischen hu mir ‚une claque‘ = *eng op de Bak*; et gëtt och ‚claquer‘ = *klaken*... ower nëmmen als Geräisch oder ‚eng erwächen‘ (z. B. am Sport).

Wat hu mir dann nach aus der „claque“ gemaach? Mä emol eng *Klak* als ‚Schéiss‘ (revolver), oder eng *Klak* als (déck) Rechnung, déi ze berappen ass. Als Verb ‚*klaken*‘ hu mir jo déi franséisch Bedeitung... mä am Lëtzebuergesch heescht dat och nach *eppes geheien/puchen*. Dat ass jo vläicht net wichteg; vläicht ower grad esou intressant, wéi sech en décke Kapp mat SODOKU ze maachen. ■ H.M.